piraten.lu

N°4193
Entrée le 04.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Sport weiderzeleeden.**

Ech kommen zréck op meng Froen n°2272 vum 30. Abrëll 2025 an n°2467 vum 16. Juni 2025 betreffend dem Feelen u Rechtssécherheet beim Dispositif vun de Coordinateurs sportifs. Des Rechtsonsécherheet gouf och an engem Artikel vu Reporter.lu den 13. Januar 2026 opgeworf. Op eng mëndlech Froe vum Charles Weiler den 20. Januar 2026 huet d'Sportministesch gesot hier Servicer géifen dru schaffen ee gesetzleche Kader ze schafe fir dass dat méi kloer kadréiert kéint ginn. Anescht ausgedréckt heescht dat, dass et bis elo kee gesetzleche Kader gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini gedenkt d'Sportministesch dëse Gesetzestext an der Chamber ze deposéiere fir esou endlech den noutwendege gesetzleche Kader ze schafen?

2. Wär et net opportun dëst am Kader vum PL 8611 betreffend den IPESS ze maachen, dee souwisou d'Sportsgesetz vun 2005 ofännert?

3. Wéi erkläert sech de Finanzminister, dass de contrôle financier hei net, op Grond vun der manifester Rechtsonsécherheet, säi Veto aleet?

4. An hirer mëndlecher Äntwert huet d'Ministesch ëmmer erëm betount, dass wat d'Coordinateuren ubelaangt, déi lescht Decisioun um politeschen Niveau an der Gemeng léit. Ewéi gesäit dat an de Syndikater aus, an Absënns an der Nordstad, déi aus 6 Gemenge besteet? Sinn do déi 2 Sportscoordinateuren fir déi 6 Gemengen zoustänneg, wuel wëssend dass hire Patron de Bureau vum Nordstadsyndikat ass?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Kéint een sech an deem Sënn virstellen, dass den SYVICOL 15 Sportscoordinateuren géif astelle, woumadder dann d'ganzt Land ofgedeckt wär wann een dovunner ausgeet, dass dëst an d'Missioune vum SYVICOL fält?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten